

Lëtzebuerg, den 4. Mee 2021

Här Fernand ETGEN  
Chamberspresident  
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechte weiderzeleeden:

*« D'Installatioun vu Reewaasseranlagen, déi d'Reewaasser an engem Waassertank späicheren an et duerno fir verschidde Besoinen notzen, wéi z.B. op den Toiletten, ass en einfachen, awer wichtege Wee fir Dréinkwaasser ze spueren, dëst ëmsou méi an Zäite wou de Grondwaasserspiegel duerch onregelméisseg Nidderschléi erofgeet.*

*An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechte folgend Froe stellen :*

- Ass virgesinn, fir sou Reewaasseranlagen an öffentleche Gebaier z'installéieren ?*
- Wa jo, kann den Här Minister eis soen, wéi eng Gebaier betraff sinn a wat den Zäitplang ass ?*
- A wéi enge Gebaier gëtt et scho sou Anlagen ? »*

Mat déiwem Respekt,

Max HAHN  
Deputéierten

André BAULER  
Deputéierten

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu